# Gemengewalen 11. Juni 2023

# Walprogramm déi Lénk Diddeleng

Diddeleng ass eng flott Stad, an där et sech am allgemenge gutt liewe léisst. déi Lénk Diddeleng maache keng Oppositiounspolitik, an deem se alles schlecht schwätzen. Mä dat wëll net heeschen, dass et kee Spillraum fir Verbesserunge gëtt. An enger Stad wéi Diddeleng gëtt et ëmmer eppes ze maachen.

## Woufir stinn also déi Lénk zu Diddeleng?

D'Basis vun eise Fuerderungen ass de Rahmenwalprogramm vun déi Lénk, an deem ganz vill verschidde Prinzippien a Fuerderunge stinn. Dëse kann een op https://2023.dei-lenk.lu/ liesen.

Do dernieft wëlle mer an dësem lokale Programm op 6 Punkten agoen, déi mer spezifesch zu Diddeleng wëllen ëmsetzen. Mär beschäftegen eis virun allem mat follgende Sujeten:

## Inhalt


1. Logement ....................2
2. Mobilitéit ....................3
3. Waasserpräis ....................4
4. Crèchen a Maisons Relais ....................5
5. Klima ....................5
6.Participatioun, Demokratie an Transparenz ....................6

# 1. Logement

## Du bass schockéiert iwwer d'Präissexplosioun um Wunnengsmarché an der leschter Zäit?

D'Präisexplosioun ass e nationale Problem, dee säit Joren net richteg ugaange gëtt. Als déi Lénk hu mer eng ganz Rei Propositioune gemaach, wéi een d'Logementskris kéint ugoen, déi awer vun deene grousse Parteien net eescht geholl ginn. Op nationalem Niveau gouf vill ze laang geschlof, respektiv souguer déi falsch Politik gemaach. De Projet vum neie Loyersgesetz vum gréngen Minister Kox ass zum Beispill eng Katastroph a riskéiert, dass d'Loyeren an deene nächste Joren nach vill méi wäerten explodéieren. Eis Fuerderungen op nationalem Niveau fir méi bezuelbare Wunnraum ze schafen, kanns de op https://dei-lenk.lu/tag/logement liesen.

Mä och d'Gemeng huet eng Rei Hiewel an der Hand. Leider huet d'Majoritéit zu Diddeleng bis virun e puer Joer vill ëffentlech Terrainen u privat Promoteure verkaf, wouduerch se d'Kontroll iwwer d'Wunnengspräisser verluer huet. Esou eppes kënnt mat eis net an d'Tut.

**déi Lénk Diddeleng proposéieren:**

- **keng Privatiséierung méi vun ëffentlechen Terrainen.**
  Am Géigendeel, d'Gemeng muss sou vill wéi méiglech selwer Terrainen a Wunnengen / Haiser opkafen fir selwer en Acteur ze ginn a bezuelbare Wunnraum kënnen ze schafen.
  Mëttelfristeg wëlle mer, dass et an eiser Gemeng 10% ëffentlech Wunnengen zu engem bezuelbare Präis ze loune gëtt. Dat heescht, dass d'Gemeng selwer misst +/- 200 Locatiounswunnengen ubidden (wa mer den Zouwuess op NeiSchmelz an déi geplangten 866 "locations abordables" vum Fonds du Logement mat arechnen).

- **eng lokal Strategie ausschaffen**.
  Wéi vill ëffentlech Wunnenge brauche mer zu Diddeleng? Wéi vill dovu fir StudentInnen, fir Famillje mat Kanner, fir Senioren? Et gëtt zu Diddeleng kee valabelt Zuelematerial vun de Besoinen. Eis Gemeng brauch eng kloer Strategie, a wéi eng Projeten se an deenen nächste Jore wëll investéieren. Nieft der Unzuel an der Gréisst vun den zukünftege Gemengewunnenge spillt zum Beispill och d'Lag eng wichteg Roll, fir an Zukunft eng anstänneg sozial Mixitéit an all eise Quartieren ze garantéieren.

- **Bautereglement un déi zukünfteg Erausfuerderungen upassen**.
  Diddeleng brauch méi Wunnraum, mä eis Plaz ass awer och begrenzt. Mär wëllen och op kee Fall eng Zersiidlung vun Diddeleng riskéieren. Dowéinst mussen als éischt déi vill Baulücke geschloss ginn. Donieft musse mer eis awer och d'Moyene ginn, fir plazeweis, do wou d'Stadbild et erlaabt, méi héich a méi dicht ze bauen. Dat geet natierlech net iwwerall. Mä zum Beispill op NeiSchmelz gouf eng Chance verpasst, mä et ass nach net ze spéit, fir dat unzepassen. Dicht bauen heescht nämlech net automatesch Ghetto, mä kann och ganz nei Chancen a Méiglechkeeten opmaachen an enger Stad wéi Diddeleng.
  Och alternativ Wunnméiglechkeeten musse méi erméiglecht an accessibel gemaach ginn. Dëst geet vu WGen, iwwer Wunnkooperative bis hin zu Tiny Houses. D'Gemeng Diddeleng soll hei op kee Fall bremsen, mä déi Initiativen sou gutt wéi méiglech ënnerstëtzen.

- **Spekulatioun bekämpfen**.
  Spekulatioun op eidelen Terrainen ass am ganze Land e Problem. E puer Groussgrondbesëtzer profitéiere vun hirem Terrain, andeems se en express zeréckhale fir esou e Mangel ze schafen an d'Präisser weider an d'Lut ze drécken. Och zu Diddeleng ass dëst e Problem. Mär fuerderen dowéinst, dass d'Gemeng Diddeleng net dorop woart, dass d'Regierung endlech handelt, mä selwer aktiv gëtt an eng Spekulatiounstax op eidelen Terrainen an Haiser erhiewt. Dës Tax soll dozou féieren, dass endlech méi Wunnraum geschaf gëtt.
  Privatleit, déi en Terrain oder en Haus aus verschiddene Grënn eidel stoen hunn, kënnen op verschidde Manéieren ënnerstëtzt gi, fir déi bescht Léisung ze fannen. Zum Beispill kann en eidelen Terrain op eng begrenzten Dauer fir Tiny Houses zur Verfügung gestallt ginn, sou dass zumindest kuerzfristeg Wunnraum geschaf gëtt, bis dass dësen Terrain da ka bebaut ginn. D'Gemeng kann och Moyene zur Verfügung stellen, fir dem Proprietär ze hëllefen, seng Wunneng un e Locataire ze vermëttelen.
  Eréischt, wann e Proprietär sech alle Moyene verschléisst, gëtt eng Taxe erhuewen an all Joer erhéicht, fir mat deene Suen da weider ëffentleche Wunnraum ze schafen.
  All Proprietär kann a soll mat der Hëllef vun der Gemeng en Deel vun der Léisung vun der Logementskris sinn, a net en Deel vum Problem.

# 2. Mobilitéit

## Du fënns et schued, dass de Stadzentrum ze vill am Trafic ënnergeet?

Diddeleng geet ënner am Verkéier. Laut enger Ëmfro vum Biergerpanel sinn 90% vun de Leit, déi mam Auto innerhalb vun Diddeleng ënnerwee sinn, bereet, hiert Verhalen ze änneren. 3/4 vun de Leit wënschen sech och e „Quartier vu moar", an deem net den Auto un éischter Plaz steet, mä kuerz Weeër a Plaze fir sech ze begéinen a vum Zesummeliewen.

**déi Lénk Diddeleng wëllen:**

- **eng Foussgängerzon amplaz vum Shared Space.**
  Am Verglach mat villen anere Stied huet Diddeleng ee flotten Zentrum, wou een akafen an eppes drénke goe kann. Mä et kéint een deen ëffentleche Raum nach vill méi agreabel maachen, wann net andauernd Autoe géingen doduerch fueren, op der Sich no enger gratis Parkplaz. Den ënnerierdesche Parking am Duerf ass ni richteg ausgelaascht, dobäi ass seng Lag perfekt an et brauch een net duerch den Zentrum ze fueren. Als Lénk setze mer eis dowéinst fir eng Foussgängerzon an. Bei guddem Wierder kéinten d'Caféen an d'Restauranten dovu profitéieren a grouss Terrassen ubidden, déi gutt besicht wieren.
  Och déi aner Geschäfter géingen dovu profitéieren, wann d'Leit gär géingen duerch d'Duerf spadséieren an d'Kanner kéinte spillen ouni mussen op d'Strooss opzepassen. Duerch déi gewonne Plaz kéint den Zentrum dann och méi gréng gestalt ginn, wat och nees méi Leit géing unzéien.

- **déi douce Mobilitéit fërdere mat konsequenten Decisiounen.**
  An enger Stad wéi Diddeleng kann de Gros vun der Mobilitéit zu Fouss oder mam Vëlo zeréckgeluecht ginn. Fir dëst zugläich sécher an agreabel ze gestalten, mussen awer heiansdo och Konsequenze geholl ginn. Op verschiddene Plaze muss den Auto Plaz afferen, fir dass déi aner

Forme vu Mobilitéit och hier Plaz fannen. Dat heescht och mol couragéiert a konsequent Decisiounen huelen.

- **zu Fouss goen an Diddeleng méi agreabel gestalten.**
  De gréissten Deel vun der doucer Mobilitéit ass wuel ëmmer nach d'Zufoussgoen. Vu dass Diddeleng relativ kompakt ass, eegent et sech dofir och zimmlech gutt. Mä net iwwerall mécht et Spaass, duerch Diddeleng ze trëppelen, an zwar wann ee just Bëtong an Autoe gesäit. Mär wëllen e Netz vu Foussweeër schafen, duerch méi Gréngs laanscht d'Stroossen, wouduerch de Kaméidi absorbéiert gëtt an et am Summer net sou woarm gëtt. An all Quartier ginn och Plaze geschaf an deenen d'Leit kënnen zesummekommen, sech setzen an d'Natur genéissen.

- **méi a méi sécher Vëlosweeër.**
  Diddeleng eegent sech gutt fir vill Weeër zu Fouss oder mam Vëlo zeréckzeleeën. Den Auto ass am Fong net néideg fir déi meescht Weeër innerhalb vun Diddeleng zeréckzeleeën. Wa mer awer wëllen, dass d'Leit op den Auto verzichten, da musse mer och déi richteg Infrastruktur schafen. E sécheren Vëloswee ass kee Stréch op der Strooss, mä muss baulech vun den Autoe getrennt sinn fir d'Sécherheet an och d'Sécherheetsgefill vun de Cyclisten ze garantéieren. Scho fir Kanner soll et méiglech sinn, sécher mam Vëlo vun A op B kënnen ze kommen.

- **den ëffentlechen Transport stäerken.**
  Wa mer wëllen den Trafic an Diddeleng reduzéieren, da musse mer och d'Offer vum ëffentlechen Transport stäerken, virun allem fir Trajeten aus Diddeleng eraus. D'Zuchverbindunge sollen sech an e puer Joer massiv verbesseren, wann d'Aarbechte vun den CFL bis ofgeschloss sinn. En attendant ass et awer wichteg, weiderhin an enkem Kontakt zu den CFL ze bleiwen, fir den Drock héich ze halen, dass Diddeleng net vergiess gëtt an um Courant iwwer weider Entwécklunge bleift. De Kontakt zu den CFL ass och wichteg fir jee no Besoin d'Offer vum Carsharing Service Flex kënnen auszebauen.
  Well d'Zuchverbindungen am Moment déi sinn, déi se sinn, brauche mer awer och Alternativen. Dowéinst wëlle mer virun allem d'Busverbindung op Beetebuerg, an och déi op de Kierchbierg ausbauen a verbessere fir esou méi Leit ze erméiglechen, mam ëffentlechen Transport ze fueren an sech drop ze verloossen. Et sollt och analyséiert ginn, ob eng Busverbindung mam südlechen Deel vun der Stad, den P&R Bouillon, kéint Sënn maachen, well ee vun do eng Busverbindung a praktesch all Quartier vun der Stad huet.

# 3. Waasserpräis

## Du fënns och, dass d'Taxen an der Gemeng net gerecht sinn?

D'Gemeng erhieft eng Rei vun Taxen, wouduerch ëffentlech Servicer finanzéiert ginn. déi Lénk stinn hannert stoarke Gemengenservicer, déi Jidderengem zoustinn. Gläichzäiteg huet d'Gemeng och eng sozial Verantwortung a muss dofir suergen, dass kee vun hire Bierger op der Streck bleift.

**déi Lénk Diddeleng wëllen:**

- **keng weider Privatiséierung vu Gemengeservicer** (nodeems schonn de Gasverkaf privatiséiert ginn ass).

- **e gestaffelte Waasserpräis.**
  Säit eiser Grënnung setze mir eis an fir e gestaffelte Waasserpräis. Mär sinn der Meenung, dass Waasser e Mënscherecht ass an dass dowéinst e Basisverbrauch muss all Mënsch gratis zur Verfügung gestallt ginn. Gläichzäiteg muss Verschwendung bestrooft ginn. Dowéinst géing eise Waasserpräis aus dräi Etappe bestoen: de Basisverbrauch ass gratis, wien e bësse méi verbraucht, dee bezilt e normalen Tarif a wie ganz vill Waasser verbraucht, dee bezilt méi en deieren Tarif. Dës Staffelung ass sozial gerecht an ekologesch. Mär garantéieren, dass Keen aus finanzielle Grënn op eppes Liewenswichteges wéi Waasser muss verzichten a gläichzäiteg motivéiere mer d'Leit, kee Waasser ze verschwenden an op hire Verbrauch opzepassen an driwwer nozedenken.

- **fair a gerecht Taxen** (Dréckskëschten, …).
  Mär ënnerstëtzen déi kierzlech decidéiert Ännerung vum Taxereglement, wouduerch ee just sou vill bezilt, wéi een och verbraucht. Allgemeng wëlle mer, dass Taxen zu Diddeleng an 2 Richtunge gestaffelt sinn: ekologesch fir d'Leit ze motivéieren, manner ze verbëtzen a sozial, sou dass déi Leit, déi wéineg hunn och manner musse bezuelen. Bei all Taxen, déi vun der Gemeng erhuewe ginn, probéiere mer, dëse Prinzip ze respektéieren.

# 4. Crèchen a Maisons Relais

## Du hues Schwieregkeeten, Kanner an Oarbecht ënner een Hutt ze kréien?

Ëmmer méi Familljen sinn drop ugewisen, dass hier Kanner wärend enger gewësse Zäit am Dag an enger Crèche oder enger Maison Relais ënnerkommen. D'Offer kënnt awer net ëmmer der klammender Demande no. D'Woardelëschten bei den ëffentleche Crèche si laang. Et ass un der Gemeng ze garantéieren, dass all Kand vun Diddeleng seng Plaz kann an den Ariichtunge fannen.

**déi Lénk Diddeleng wëllen:**

- **méi ëffentlech Crèche schafen.**
  D'Diddelenger Gemeng huet kierzlech am Quartier Italien eng Crèche, zousätzlech zu deenen zwou, déi se scho geréiert, gebaut. Mä d'Offer un ëffentleche Créchen zu Diddeleng geet bei wäitem net duer.

- **d'Offer vun de Maisons Relais weider verbesseren.**
  Hei ass d'Gemeng net schlecht opgestallt. An awer gëtt et am Fréijoer schonn eng Woardelëscht fir dat nächst Schouljoer. Et ass muss all Effort gemaach ginn, fir dass all Kand, dat eng Plaz brauch, och eng Plaz kritt.

- **probéieren, sou gutt wéi méiglech den Accès zu der Museksschoul an de Sportveräiner ze garantéieren**.

# 5. Klima

## Du mëss der Gedanken iwwer d'Zukunft an d'Folge vun der Klimakris?

D'Klimakris ass ëmmer méi ze spieren a stellt eis all viru grouss Erausfuerderungen. De Staat, awer och d'Gemenge mussen hier Verantwortung iwwerhuelen. Diddeleng huet scho gutt Initiative geholl, mä et ass nach Loft no uewen.
**déi Lénk Diddeleng proposéieren:**

- **Ausbau vun erneierbaren Energien.**
  Op all ëffentlechem Gebai, dat der Gemeng gehéiert, soll gepréift ginn, ob eng Fotovoltaik-Anlag Sënn mécht. Bei Gebaier, déi nei gebaut ginn, muss d'office gekuckt ginn, wéi eng Energiequellen am beschte kënne kombinéiert ginn an dat muss vun Ufank un an d'Planung era fléissen.
  D'Gemeng soll och Kooperativen, déi z.B. an der Produktioun vun erneierbaren Energien aktiv sinn, sou gutt wéi méiglech ënnerstëtzen.

- **energeetesch Sanéierung ausbauen.**
  E groussen Deel vun der Energie gëtt am Wunnberäich verbraucht, well Wunnengen net richteg isoléiert sinn. Op nationalem Niveau muss de System vun den Hëllefe fir eng energeetesch Sanéierung reforméiert ginn, sou dass vill méi Leit Accès dozou hunn. Ma och d'Gemeng kann hiren Deel dozou bäidroen, iwwer Informatiounscampagnen a finanziell Ënnerstëtzung vun de Stéit, déi hier Wunneng wëlle sanéieren.

- **méi Gréngfläche schafen** an allgemeng och eis Stroosse méi klimafrëndlech ausbauen.

- **ëffentlechen Transport an douce Mobilitéit stäerken.**

# 6.Participatioun, Demokratie an Transparenz

## Du hues d'Gefill, dass de net an déi alldeeglech Decisiounen vun der Gemeng agebonne bass?

D'Gemeng, dat si mär, d'Awunnerinnen an d'Awunner alleguer. A mär sollten och alleguer an déi wichteg Decisioune vun der Gemeng agebonne sinn. Fir dat ze erméiglechen, muss awer och Jiddereen d'Méiglechkeet kréien, sou gutt wéi méiglech iwwer d'Enjeuen informéiert ze sinn.

Et ass ni gutt, wann een eleng kann decidéieren. Hei zu Diddeleng ass et awer säit iwwer 75 Joer esou, dass eng Partei déi absolut Majoritéit huet. Dat heescht net automatesch, dass déi Partei alles schlecht mécht. Mä et féiert dozou, dass oft net déi néideg Transparenz geschaf gëtt, well déi Partei sech mat kenger anerer Fraktioun brauch ofzeschwätzen a ka ganz eleng Decisiounen huelen an och duersetzen. Et féiert och dozou, dass Gerüchter opkommen. Ass et esou, dass ee muss eng Memberskaart bei der richteger Partei hunn, wann ee wëll eng Oarbecht op der Gemeng kréien? Offiziell net, mä et ass just eng Partei, déi decidéiert, wien agestallt gëtt. Esou Problemer kéint een aus dem Wee goen duerch d'Schafe vun engem onofhängege Conseil de Recrutement, wou och aner Parteie vertruede wären.

**déi Lénk Diddeleng wëllen:**

- **d'Gemengerotssëtzunge per Livestream iwwerdroen, mat enger Simultaniwwersetzung op franséisch.**

- **d'Homepage vun der Gemeng barrièrefräi maachen** (leichte Sprache, Vorlesefunktion, …).

- **den Ordre du Jour vun de Gemengerotssëtzungen an der App vun der Gemeng an um Internetsite ukënnegen an déi wichteg Dokumenter mat publizéieren.**

- **e Conseil de Recrutement schafen.**

- **d'berodend Gemengekommissioune stäerken, déi bei all wichtegen Decisioune en Avis sollen ofginn.**
  Dës Kommissioune sinn zesumme gesat aus VertriederInne vun de politesche Parteien a BiergerInne a sinn do fir de Schäfferot ze beroden. Mä all ze oft gi se awer net richteg eescht geholl. Mär wëllen, dass d'Zesummesetzung vun de Kommissiounen ugepasst gëtt, fir dass méi BiergerInnen d'Méiglechkeet hunn, drun deelzehuelen.
  Virun all wichteger Decisioun muss déi zoustänneg Kommissioun zesumme kommen an dem Gemengerot e Rapport virleeën. Wann de Schäfferot net dem Avis vun enger Kommissioun nokënnt, muss en eng Erklärung ofginn, firwat dat esou ass.
  D'Kommissioune musse schlussendlech och zu Auerzäiten organiséiert ginn, déi all de Memberen erlaben, drun Deel ze huelen.

**déi Lénk Diddeleng**
**Mee 2023**